

Ech muss och soen, an ech maa-che keen Heel doraus, datt ech déi Opdeelung am Agenda schonn, vun de Missiounen net wierklech konnt novollzéien. Dat war och ëmmer d'Lëtzebuerger Positioun, mä mir kënnen awer net anere Länner, déi nach vläicht ganz aner Aufgaben a Kompetenzberäicher hu wéi mir, virschreiwe wéi e Minister si elo dohinner schécken.

Op alle Fall, déi puer Méint wou mer dat elo hei exercéieren, muss ech zwar och soen, datt et net onbedéngt duerch eng terribel Effikassitéit gekennzeechent ass, well mir hunn zum Beispill an eise-m Conseil och Développements-mi-nisternen dohinner. Wéi do, wéi hei gétt den Timing net ëmmer ganz genau agehalen, an dann ass oft stonnelaangt Waarden no Ver-schiebungen. Also ech mengen, hei ass nach villes ze iwwerleeën, mä meng Meenung war nach ëm-mer, an dat ass net nëmme meng, mä dat ass och déi vun der Lëtze-buerger Regierung, datt een dat do soll esou am Fong zesumme-loossen. Et soll een dat zesumme loosse wat zesumme gehéiert, mä mir verschléissen eis do awer net organisationnellen Neierungen, déi anere vläicht méi favorabel sinn a méi entgéint kommen.

Ee vun deene Punkten heibannen, wou och déi meescht Stellung driwwer geholl hunn, a wou ech och do ka mat Satisfactioun fest-stellen, datt mer eis am Fong eens sinn an der Analys, dat ass dee vum Siège. Ech konnt just feststel-len, datt dat, elo wou mer deen Ac-cord mat der Kommissioun konn-ten ofstëmmen, am Fong ganz schnell iwwert d'Bühn gaangen ass. Ech ka mech just hei erënne-ren, datt ech x-mol hei op der Tribün stoung a mech wierklech hu misse verteidegen, datt net géin-gen honnerte vu Plazen ofgezu ginn. An elo wou mer et fäerdeg bruecht hunn, datt honnerte vu Pla-zen dobäi géinge kommen, elo ass et mat engem Saz fäerdeg. Mä ech sinn awer d'accord, wann et ënnert dem Stréch gutt geet, da loosse mer dat.

■ Une voix.- Dat ass d'Lous!

**(Interruptions)**

■ Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Com-merce extérieur*.- Dat ass esou. Ech wëllt dann awer nëmmen nach

eng Kéier ënnersträichen, datt mer et net nëmme fäerdeg bruecht hunn, datt mer honnerte Plazen of-geséichert hunn an datt mer der honnerte bäikréien, mä datt et och iwwer 2004 déi 3.400 sinn - an net nëmmen déi, do kënt den norma-len Zouwuess vum Elargissement nach derbäi. Also et sinn net nēm-men déi 3.400, et sinn all déi Servi-cer, déi souwisou hei zu Lëtze-buerg sinn an déi duerch den Elar-gissement zouhuelen, an déi si mol net an deenen doten derbäi, dat dote sinn nëmmen déi vun deene Servicer, wou mer speziell driwwer diskutéiert hunn.

Mir hunn net nëmmen derbäi kritt, mä mir hu virun allem - an dat muss ech awer hei soen - en ofwäerts Trend, eng Erosioun vum Lëtze-buerger Site gestoppt; an dee war an deene leschten zéng Joer ganz grave. Ech ginn lech nëmmen zwou Zuelen. Hei zu Lëtzebuerg waren am Joer 1991 2.407 Beamte vun der Kommissioun - ech schwätzen elo nē-mme Kom-mis-sioun - an zu Bréissel waren et der 9.598, dat ass grosso modo ee Véi-rel. 2000 war déi Proportioun awer op ee Fëneftel ofgesackt, dat heescht mir haten der nach 2.699 an entre-temps waren et der zu Bréissel awer 12.521. Dat heescht an zéng Joer hat et sech hei net nëmmen net stabiliséiert, mä et war wierklech eng konsequent Ero-sioun. Mir hunn dat also gestoppt an, wéi gesot, och nach drop op-gebaut. Ech si frou, datt dat ënnert dem Stréch begréisst gétt an ech wäert och an deenen Efforten, déi mer bis elo do ënnerholl hunn, wei-der maachen.

**(Interruption)**

Neen, ech wëll et wierklech bei de Realitéite loossen. Mä et muss ee se ebe sou huele wéi se sinn, vun alle Säiten. Dofir muss ech och d'Realitéit vum Europaparlament unerkennen, datt mer déi Déci-sioun, déi do geholl ginn ass, fir d'Direction IV ofzezéien, net kën-nen einfach esou hinhuelen. An ech mengen a mengem Text war ech engersäits kloer an diploma-tesch genuch fir ze soen, datt mer de Moment analyséiere wat déi richteg Äntwert op esou eng Déci-sioun ass, déi mer awer net kënnen esou hinhuelen.

Ech wëll och hei nach eng Kéier dat kloer soen, wat ech an der Kommissioun schonn x-mol gesot hunn. Ech kann déi Argumenter, fir ze soen, ma da loosse mer d'Euro-

paparlament dach, kënne mer dann net dorop verzichten a men-ge mer géifen eppes Comparabe-les am-plaz kréien, net novollzéien, well et näischt Comparabeles gétt.

Ech menge mir wëssen, datt mir hei zu Lëtzebuerg incomparablement méi Europafonctionnairen hu wéi all déi aner Länner aus der Eu-ro-päescher Unioun. A wa mer do mengen - well dee Moment kéime mer jo op Décisiounen, déi misste vun deenen anere Staten och gutt geheescht ginn - mir géinge vun deenen eng Kompensatioun kréien, ëm 1.500 oder 1.600, wéi et elo ass, déi vergläichbar wier, da kann ech déi Dreem net novollzéien, well ech gesinn net, wou mer déi kënnte kréien, mä ech gesinn awer ganz kloer, datt mer eis nach oft wäerte mat där Situatioun hei aus-enaner setzen. Ech kann lech just garantéieren, datt mer dat net op d'llicht Schëller huelen an datt mer all Efforte wäerte maache fir dat esou ze suivéiere wéi mer eben och déi aner Dossiere suivéiert hunn.

Wat elo de Käschtepunkt ubelaangt, mengen ech, ass dat effek-tiv eng Fro déi besser an enger Kommissioun ze stellen ass, oder soss eng Kéier wou een Zäit huet sech virzebereeden. Ech wëll just hei soen, dass et jo net sou ass wéi wann déi fir näischt géingen zur Verfügung gestallt ginn. Do gi Locatiounspräisser bezuelt an déi Locatiounspräisser gi vun deem Comité de coordination ausgehan-delt a sinn och vu Plaz zu Plaz ver-schidden. Ech kann lech à ce sta-de effektiv onméiglech soe wat e m² op där enger Plaz kascht oder op där anerer Plaz, mä do ass awer näischt ze verstoppen. Op alle Fall, wann een eng Kéier ënnert dem Stréch géing rechnen, da muss een awer nach ganz villes mat arechnen, wat déi Presenz vun eben Europa fir d'Visibilitéit vu Lët-zebuerg an der Welt duerstellt.

An dann ee Punkt nach. D'Prési-dence, wou ech och heibannen eng grouss Ënnerstëtzung fir den Ausseministère gespiert hunn. Mä ech mengen, dat ass esou evident, an ech kann nëmmen den Appel nach eng Kéier maachen, dat, wat op ons duerkënn - a wann ech soen ons, da mengen ech net nēm-men den Ausseministère, da men-gen ech all d'Lëtzebuerger Verwal-tungen an och all d'politesch Res-ponsabilitéitsträger - ass ganz grouss.

Den Här Wiseler huet gefrot, wéi dat géing zesummen harmonéie-ren. Dat harmonéiert. Dat gétt ze-summen organiséiert an där näch-ster, sou wéi et an deene leschte war. Net méi spéit wéi muer de Mëtten hu mer nees eng Réunioun, wat mer nenne "Correspondants européens", dat sinn déi Leit déi an all Ministère sech eben ëm eu-ro-päesch Dossiere këmmere, fir genau kënnen opzeziele wat op ons duerkënn, wat bei deenen en-gen a wat bei deenen aneren d'Pri-oritéit huet.

An da musse mer all zesumme kucken, wou mer d'Leit hier kréie fir déi verschidde Comitéen ze presi-déieren. Well dat geet net mat zéng oder zwanzeg duer, dat geet an d'Honnerte vu Comitéen déi do musse presidéiert ginn, an do ass wierklech jiddferengem seng Mat-hëllef - dee se ka leeschten an dee se wëll leeschten - wëllkomm, a bis elo kann ech och nëmme feststel-len, datt d'Bewosstsinn op alle Säi-te besteet, datt hei eppes Grous-ses op ons duerkënn.

Wat d'Prioritéiten ubelaangt, déi stelle mer zesumme mat all de Mi-nistèren op, déi ginn net vum Aus-seministère eleng décidéiert, déi gi vun de Ministère décidéiert. Wann international Konferenzen op ons duerkommen, da mussen d'Mini-tere, déi à la rigueur dovou beträff wäeren, eis soen, ob si dat kënne maachen oder net, ob si et wëlle maachen an ob si d'Leit hunn. A wa jo, da kënne mer et zesummen ugoen, a wann net, dann ass et on-méiglech fir den Ausseministère, dat eleng ze maachen.

Dofir ass d'Kollaboratioun do ganz enk a ganz kloer. Déi Préparatioun leeft och wéi gesot zesummen, an déi leeft och schonn zënter zwee Joer, besonnesch wat zum Beispill d'Informatik ubelaangt, do hu mer net op haut gewaart, dat leeft schonn zënter zwee Joer. Dat een-zegt wat ech bedauern, datt awer nees versicht gétt, ad ominem hei Argumenter virzebréngen.

Et gétt net ee Beamten dee bezuelt gétt fir näischt ze maachen. Ee Be-amten deen net do ass, deen ass net do well e krank ass a well e krankgeschriwwen ass. Datt dat sech erauszitt, datt dat ongléck-lech ass, datt mir déi alleréisch-t sinn, déi dat bedauern, dat ass evident, well e Mann deen iwwer zwee Joer net do ass, dee kann iwwer zwee Joer net eng Aarbecht maachen.

Awer wat eben och schlëmm ass, dee Posten ass awer besat, dat heescht e kann och net vun engem aneren iwwerholl ginn. Mir hunn al-les bis elo gemaach, an ech hof-fen, datt mer och mat de Gerichter - well do si mir net méi eleng, do sinn d'Gerichter, déi si mat där Ma-tière befaasst - dohi kommen. Mä, wéi gesot, dat huet seng Plaz net hei an dat ass, wéi gesot, ee Punkt erausgeho.

Néierens, a kengem Ministère ginn et genetesch perfekt Mënschen, ech kann nëmme soe mat deene wou ech muss schaffen a wou ech gäre schaffen, kann ech wierklech an engem ganz grouse Mooss en Asaz an en Engagement feststel-len, deen ech nëmme kann extrem beluewiegend ervirsträichen, an ech wënschen datt mer deen och hunn.

An ech géing elo am Fong schonn hei gären deen Opruff maachen deen, wann Dir lech gutt erënnert, bei der leschter Présidence vun der Opposition gemaach gi war, an ech kennen déi Leit par hasard, déi déi leschte Kéier, wéi mer d'Présidence haten - d'Opposi-tioun -, gesot haten, datt se wäh-rend deene sechs Méint wou d'Pré-sidence wier géinge mathëllefe fir de Beamten, déi de gréissten Deel vun deem Effort maachen, net onnéideg nach méi Aarbecht opze-leeschten a sech géingen zréckhal-len.

**(Interruptions diverses)**

An egal wien an der Opposition ass, wat déi Présidence ugeet, kann ech nëmmen un d'Haerz leeën, sech un deem Opruff vun 1997 e Beispill ze huelen.

Ech soen lech merci am Virus fir Är Ënnerstëtzung.

■ M. le Président.- Merci, Ma-dame Polfer. Domadder ass eisen Débat iwwert d'Aussepolitik fäer-deg.

Déi nächst Sitzung hu mer muer de Mueren ëm néng Auer. Do geet et dann ëm de Projet de loi 5024 mam Rapporteur, der Madame Nelly Stein.

Mir sinn um Enn vun eisen Aar-bechten. Bis muer de Mueren. Mer-ci.

**(Fin de la séance publique à 17.29 heures)**

**Ordre du jour**

- 5024 - Projet de loi modifiant
  - la loi du 19 avril 1996 autorisant le Gouvernement à participer comme membre fondateur, à accorder une aide financière annuelle à la "Fondation Henri Pensis" et modifiant la loi du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu
  - la loi du 9 janvier 1998 portant transposition de la directive 93/7/CEE du 15 mars 1993 relative à la restitution des biens culturels ayant quitté illicitement le territoire d'un Etat membre de l'Union européenne et transposition de la directive 2001/38/CE du 5 juin 2001 modifiant la directive prémentionnée
  - la loi du 24 juillet 2001 portant création d'un établissement public nommé "Centre Culturel de Rencontre Ab-baye de Neumünster"*(Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
- 4949 - Projet de loi relative à la restauration et à la mise en valeur de certaines parties de la forteresse de Luxem-bourg

- 4857 - Projet de loi portant règlement des comptes généraux de l'exercice 1999  
*(Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)*
  - Ordre du jour
  - 4966A - Projet de loi portant approbation
    - du Protocole additionnel à la Convention européenne sur le transfèrement des personnes condamnées du 18 décembre 1997;
    - de l'Accord relatif à l'application, entre les Etats mem-bres des Communautés européennes, de la Conventi-on du Conseil de l'Europe sur le transfèrement des personnes condamnées du 25 mai 1987
  - 4966B - Projet de loi sur le transfèrement des personnes  
*(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte des projets de loi - Vote sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vo-te constitutionnel)*
- Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Erna Hennicot-Schoepges, MM. Luc Frieden et Charles Goerens, Ministres.
- (Début de la séance publique à 9.02 heures)**

- M. le Président.- D'Sitzung ass op.
- Huet d'Regierung nach eng Kom-munikatioun ze maachen?
- (Négation)**
- Dat ass net de Fall.
- Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5024 iwwert déi fi-nanziell Bedeelegung un der Fon-dation Henri Pensis an um Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn age-schriwwen: déi Häre Fayot, Krieps, Greisen a Garcia. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Nelly Stein.
- 5024 - Projet de loi modifiant
    - la loi du 19 avril 1996 autorisant le Gouverne-ment à participer com-me membre fondateur, à accorder une aide fi-nancière annuelle à la



„Fondation Henri Pensis“ et modifiant la loi du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

2) la loi du 9 janvier 1998 portant transposition de la directive 93/7/CEE du 15 mars 1993 relative à la restitution des biens culturels ayant quitté illicitement le territoire d'un Etat membre de l'Union européenne et transposition de la directive 2001/38/CE du 5 juin 2001 modifiant la directive prémentionnée;

3) la loi du 24 juillet 2001 portant création d'un établissement public nommé „Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster“

**Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture**

Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Minister, Kenner vun der classescher Musek zu Lëtzebuerg wëssen, datt den Orchestre philharmonique du Luxembourg, kuerz OPL genannt, ouni Zweifel e kulturellt Aushängeschëld vun eisem Land ass. Et ass en Orchester dee sech schonn zënter 1933 um internationale Plang en Numm erspillt huet. Dat duerch grandios Interpretatiounen vu Wierker vu grouse classeschen an zäitgenössege Komponisten a Komponistinnen. Fir mir mech ass et ëmmer nach esou, dass ech ënner Komponisten alles drënner verstinn.

**(Hilarité)**

Et steet duerfir ausser Zweifel, datt Dirigente wéi den Henri Pensis, Carl Melles, Louis de Froment, Leopold Hager an David Shallon den OPL zu deem geformt hunn, wat en haut ass.

Säit September 2002 ass de britesche Chef Bramwell Tovey neie Chefdirigent a féiert d'Traditioun vun de groussen Dirigente vum OPL weider. D'Saison 2002/2003 ass säit September amgaangen an dauert bis de Juli 2003. Vun Oktober 2003 un ass den OPL och erëm an der Enceinte vum neie Stater Theater ze fannen.

Duerch Tourneën a Concerten am noe wéi och am wäiten Ausland huet sech den OPL zur Spëtzt vum Lëtzebuurger Kulturliewen entwéckelt. Och fir d'Joer 2003 sinn Tourneën programméiert, déi den OPL ënnert anerem an Europa an an dat fernt Asien féiert, mat de Statiounen China, Macao a Korea. Last but not least huet den OPL duerch seng Opnahme vu Wierker vum Iannis Xenakis, Arthur Honegger, Francis Poulenc oder Ernest Bloch och Anzuch fonnt an d'Lëtzebuurger Hifi-Anlagen. Et sinn Enregistréierter, déi an de spezialiséierte Revuë gutt Kriticke kréien a wou den OPL schonn op eng stattlech Zuel vun Auszeechnunge kënnt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well et sech an der Haaptsaach ëm déi finanziell Participatioun vum Stat an der Fondation Henri Pensis handelt, wëll ech de finanzielle Kontext vun deem Projet nach eng kéier unhand vun e puer Zuele méi daitlech maachen. D'Dépensé fir 2003 belafe sech fir den OPL op e globale Montant vun 12,2 Milliounen Euro. D'Joer 2003 ass virun allem duerch den Ausbau vun der Presenz um internationale Plang gepräegt. Duerch Tourneën ënnert anerem an Eisträich, an dat besonnesch zu Wien, Italien an Däitschland, esou wéi am asiatesche Raum, ginn d'Käschte fir den OPL an d'Luucht.

De Stat participéiert géigewäerteg mat engem Betrag vun 10 Milliounen Euro. Nëmmen ongeféier 20% vun den Dépensé ginn duerch eege Recetten, dat heescht virun allem duerch de Verkauf vun Entreébills an Abonnenter ofgedeckt. De Loyer an der Villa Louvigny beleeft sech jährléich op 500.000 Euro ouni Chargen. Déi 50 Concerten, déi an eisem Land, bei eis also, stattfannen, bedeuten e Käschtepunkt, dee sech op 1,4 Milliounen Euro beleeft. Déi 23 Concerten, déi am Ausland programméiert sinn, belafe sech op 2 Milliounen Euro. Dobäi kommen déi fix Käschten, déi sech am Ablack op 8,2 Milliounen Euro belafen, esou wéi d'Fonctionnementskäschten, wéi beispillsweis d'Chefs d'orchestre, d'Solisten oder d'Déplacementer, déi sech op 4 Milliounen Euro belafen.

Wat d'Recetten iwwert de Sponsoring ubelaangt, esou ass festzehalen, datt d'Kontrakter mat der SES a mat der BGL op en Enn gaange sinn. Am Ablack ass den OPL amgang mat neie Partnere Konventionen auszehandelen, Konventionen déi awer nach net sprochräif sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den OPL huet der Kommissioun matgedeelt, datt en Taux d'autofinancement vun 30% erreicht gi kann. Am gläichen Otemzuch huet hien awer och ze verstoe ginn, datt, wann et eleng ëm d'Kritäre vun der Rentabilitéit goe soll, d'Präisser vun den Entreébills substaanzell missten an d'Luucht goen. Et ass virun allem de Verkauf vu Lizenze fir Disquen, esou wéi de Verkauf vun den Disqueselwer, dëst iwwerwiegend am asiatesche Raum, wat an der Haaptsaach zur Image de marque vum Orchester bäidréit.

D'Performancë vum OPL esou wéi déi finanziell Situatioun vum Orchester sinn de Kontext an dee sech dësen Text integréiert. De virleiede Gesetzestext ännert d'Artikelen 2, 3 a 4 vum Gesetz vum 19. Abrëll 1996 iwwert déi staatlech finanziell Participatioun an der Fondation Henri Pensis, wou de Stat jo och Grënnungsmitglied ass.

Déi staatlech Participatioun an der Fondatioun gëtt no den neien Dispositionen op 11 Milliounen Euro fixéiert. Domadder gëtt och d'Gesetz vum 4. Dezember 1967 iwwert d'Lounsteier ofgeännert. Zu gudder lescht ginn e puer Ännerunge redaktioneller Natur an de Gesetzestexten vum 9. Januar 1998 a 24. Juli 2001 virgeholl, op déi ech awer net méi wëll an och net méi brauch zréckzekommen, vu dass d'Kommissioun an de Statsrot alles souwisou guttgeheescht hunn.

**(Interruption)**

De Rescht. Dat ass jo nëmmen e ganz klengen Detail, Här Fayot.

De virleiede Gesetzestext ass den 12. September 2002 vun der Ministerin fir Kultur, Héichschoulen a Fuerschung, der Madame Erna Hennicot-Schoepges, an der Chamber deponéiert ginn. An der Sëtzung vum 13. Januar 2003 huet d'Kommissioun den Text an dem Statsrot säin Avis vum 10. Dezember 2002 ënnert d'Lupp geholl. De schréffleche Rapport ass an der Kommissioun de 24. Mäerz presentéiert, analyséiert an adoptéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Januar 1996 ass déi privat Fondatioun Henri Pensis an d'Liewe geruff ginn, fir d'Gestioun an d'Promotioun vum OPL ze assurieren. Laut dem Gesetz vum 19. Abrëll 1996 ass déi initial staatlech Hëllef op e Montant vun 10 Milliounen Frang festgesat ginn. Déi jährléich Hëllef aus dem Statsbudget ass op e Montant vun 225 Milliounen fixéiert ginn, wou nach eng complémentäre Hëllef vu 75 Milliounen eiser aler Frang dobäikomm ass. Déi global Hëllef errechent sech also aus dësen Zuelen a beleeft sech op ronn 8,07 Milliounen Euro. De Betrag, deem am

Budget fir 2003 agedroen ass, beleeft sech op 10,55 Milliounen Euro, dat heescht ëm bal en Drëttel méi héich wéi déi global Zomm, déi am 96er Gesetz virgesinn ass, wat géint déi gesetzlech Basis verstouss huet.

Doriwwer eraus ass de Kredit, deem am Budget virgesinn ass, en net limitative Kredit. De Statsrot huet an deem Kontext säi Befrieden iwwert de Raisonement vum Législateur ausgedréckt, deem am Exposé des motifs de Rapprochement vum Stat mat den Etablissements publics ervirgehuewen huet. Während beim 96er Gesetz d'Regierung sech géint d'Schafung vun engem Etablissement public déciéiert hat, deemno och géint dee vum Statsrot.

An deem Kontext huet de Statsrot duerfir och den Artikel 99 vun der Verfassung invoquéiert, wou geschriwwen steet: „Aucune charge gravant le budget de l'Etat pour plus d'un exercice ne peut être établie que par une loi spéciale.“ De Statsrot ass der Meinung gewiescht, dass dës Dispositioun och bei dëser Gesetzesvirlag spille muss an net duerch e Renvoi am Artikel 2 op en net limitative Kredit am Budget 2003 iwwergaange ka ginn.

Déi héich Kierperschaft huet dofir eng formell Opposition ugekënnegt an deem Fall wou d'Proposition fir eng Textännerung, wéi se vum Statsrot proposéiert ginn ass, net zréck behale géif ginn.

D'Regierung huet sech bereet erkläert fir e limitéierte Kredit am Text ze verankeren, dee sech no den neien Dispositionen op 11 Milliounen Euro beleeft. Dee Kredit huet keng Répercussiounen op de Budget 2003, well deem ageschriwwene Kredit déi gesetzlech fixéiert Limite net iwwerschrëtt, par contre hält d'Regierung un enger privater Fondatioun fest.

Ech wëll nach e puer Wieder iwwert d'Aarbechten an der Kommissioun verléieren, déi, wéi et sech fir eng parlamentaresch Kulturkommissioun gehéiert, an engem guden a kolleegiale Klima iwwert d'Bühn gaange sinn. Merci de Beamten aus dem Ministère. Och merci de Leit aus dem OPL, déi eis déi néideg Informatiounen ginn hunn. D'Madame Hennicot huet an der Kommissioun nach eng kéier preziséiert, datt d'Regierung en enger privater Fondatioun festgehalten huet, fir ze verhënnern datt den OPL zu engem Satorchester géif ginn. Eng privat Struktur erméiglecht doriwwer eraus och een Deel vun de Käschten iwwer Sponsoren ofzedecken. Wat de Sponsoring en tant que tel ubelaangt, sou erhofft sech d'Kommissioun, datt et zu engem neien Elan kënnt, wann de Concertsall Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte agewéit gëtt. D'Kommissioun huet doriwwer eraus d'Hoffnung zum Ausdrock bruecht, datt d'Etüd iwwert de Mécénat geschwënn ofgeschloss gëtt, fir Kloerheet an deem wichtege Dossier fir déi Lëtzebuurger Kulturzeen ze kréien.

Mam Appel fir dësen Text an där Form ze stëmmen, wéi mer en elo virleien hunn, a mam Accord vu menger Fraktioun, schléissen ech mäi mëndleche Rapport a soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président. - Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

**Discussion générale**

M. Ben Fayot (LSAP). - Här President, den Appel vun onser Presidentin vun der Kulturkommissioun wäerte mer selbstverständlech héieren a mir soen hir och merci fir déi ausféierlech Duerleeung vun deem Projet. Mir wäerten déi Finanzsprëtz fir den OPL

iwwert d'Fondation Henri Pensis matstëmmen. Dir erlaabt mer awer trotzdem eng Partie Remarken.

Déi éischt Remarque hunn ech schonn an der Kommissioun gemaach, ech wëll se awer hei nach eng kéier soen. Dëst ass eigentlech vun der Form hier e komescht Gesetz, well dräi ganz verschidde Saachen dra sinn. Engersäits natierlech déi Finanzsprëtz fir d'Fondation Henri Pensis, dann eng Korrektur vun engem anere Gesetz an en plus nach d'Transpositioun vun enger Direktiv.

Ech muss lech soen, et huet mech eigentlech gewonnert dass de Statsrot, dee jo awer oft Kommaë réckelt, fir esou formal Saachen eigentlech keng Remarque iwwreg hat. Ech muss och soen, dass den Titel vum Gesetz relativ komesch ass, wann een do liest, dass mer hei e Projet de loi hunn „modifiant 1) la loi du 19 avril 1996 autorisant le Gouvernement à participer comme membre fondateur, à accorder une aide financière annuelle...“ Dat ass als Formulatioun net ganz glécklech an ech menge schonn, dass mer an der legislativer Aarbecht vläicht e bësse méi opmierksam sollen an Zukunft sinn.

Här President, de Radiosorchester, wéi e fréier genannt ginn ass, ass jo eng privat Affär gewiescht, well d'CLT fréier Musik gebraucht huet fir iwwer Antenne ze spillen. Dee Radiosorchester ass duerch d'Evolutioun vun de Medien an engem gewëssene Sënn iwwerflësseg ginn, a wéi dat sech an enger gudder privater Gesellschaft gehéiert: Wat zu näischt méi nützt, dat muss dann entweder ewech rationaliséiert ginn oder mer musse kucken, dass mer et op eng aner Manéier récupérieren. Dat ass jo 1995/1996 geschitt, doduerch dass de Stat eigentlech deem Orchester iwwerholl huet.

Et ass jo, wéi d'Madame Presidentin elo just gesot huet, deemools d'Fro gewiescht: Mir wëlle keng Statskultur, mir wëlle kee Satorchester, wat solle mer maachen? Et sollten d'Vertuë vun der Privatinitiativ profitéiert ginn an d'Dier sollt opgemaach ginn an enger Zäit vu grousser wirtschaftlecher Expansioun a vu grousser finanzieller Aisance fir Sponsoren an och d'Eraspille vu Recetten. Dëst huet sech jo awer bekanntlech als Trugschluss erweisen an den Eclat vun dem Här Statsminister iwwert de Sponsoring an deem Zesummenhang ass jo nach an der Erënnerung vun ons alleguerten.

Finalement hu mer elo mat deem Gesetz am Fong eng nei Form vu Gesellschaft geholl. Mir hunn eng gesetzlech festgeluechter Budgetsdatioun. Wann een dee prezise Fall hei kuckt, ass dat ze akzeptéieren, well et huet sech erausgestallt, dass déi Leit, déi an där Stëftung sinn, gutt a seriö Aarbecht maachen an och eng strikt Finanzéierung flegen. Do ass eigentlech näischt drun ze soen. Et ass trotzdem, mengen ech, eng Iwwerleeung wäert, Här President, an ech wär frou wann d'Madame Minister kënnt e Wuert dozou soen, wéi an Zukunft déi net voll staatlech, respektiv privat Strukture par rapport zum Stat fonctionnéieren, respektiv kontrolléiert ginn.

Mir hu jo an der Kultur och eng Partie Etablissements publics. Hei hu mer eng Fondatioun, also eng privat Stëftung mat öffentleche Gelder. Dat gëtt e bësse vill mat der Zäit an e bësse vill Duercherneen, an ech wär wierklech frou wa mer do kënnten ons mol eng kéier, och an der Kulturkommissioun, driwwer ënnerehalen. Här President, dat wier eng gutt Aufgab fir mol eng kéier sachlech an der Kulturkommissioun iwwert d'Strukture vun dem Kulturschaffen an dem Kulturförderen ze schwätzen, fir ze gesi wéi mer et fäerdeg bréngen, do wou de Stat awer de gréissten Deel vun de Fräen dréit an déi meescht Suen eragëtt, wéi mer also de staatleche Subventionnement mat

der Öffnung op d'Zivilgesellschaft, op d'Privatinitiativ kënne verbanne a Kloerheet schafen.

Dat waren, Här President, déi puer Remarken, déi ech zu deem Gesetz hei wollt maachen. Wéi gesot, mir stëmmen dëse Projet, well mer och iwwerzeegt sinn, dass den OPL e wichtege Kulturträger an onsem Land ass, dass e gutt Aarbecht leescht an dass mer an deem Orchester wierklech eng formidable Visitékaart, net nëmme fir d'Land heibannen, mä och fir baussen hunn.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps agedroen. Den Här Krieps huet d'Wuert.

M. Alexandre Krieps (DP). - Här President, ech wollt fir d'éischt am Numm vu menger Fraktioun der Madame Stein merci soe fir hire gudden Rapport, dee mëndlechen an dee schréfflechen.

Ech schwätzen net zu de Punkten zwee an dräi vun deem Gesetz, wat am Fong nëmmen en Toilettag de Texte ass. Zum Historique vun dëser Gesetzesvirlag wollt ech e puer Wuert soen.

De Statsrot huet am Joer 1995 zum Projet 4095 beim Iwwerhuele vun dem sougenannten RTL-Orchester den Etablissement public als Gestions- an haaptsächlech als Finanzéierungsmodus virgeschloen. Déi deemoleg Regierung hat fir eng Fondatioun optéiert. Ech verweisen op déi bal konstitutionell Debatt vum Dezember 1995 an Abrëll 1996, nodeem dass de Statsrot dem Projet 4095 d'Dispens vum zweete Vote refuséiert hat. Deemools huet d'Demokratesch Partei duerch de Mond vun hirem mandatéierte Spriecher Carlo Meintz de Standpunkt vertrueden, dass den Etablissement public virzezéie wär.

Och ons gréng Kolleegen, duerch de Mond vum honorabelen Här Garcia, hunn am Dezember 1995 déckéit Geschätz géint d'Regierung agesat a sech enthalte bei deem Vote. Ech erënneren un e puer Wieder, déi gefall sinn: Manner fir d'klassesch Musek. Dat Wuert manner koum zweemol vir, Här Garcia. Ech hunn Är Ried bis op déi lescht Zeil gelies. D'Wuert Kulturbedruch koum op. Oder de Kulturbudget ass e Bluff. Dat sinn e puer erausgepickte Wieder, déi deemools gebraucht si ginn, fir haaptsächlech awer déi 30% Ausgabe fir den Orchester an d'Liicht ze réckele vum allgemenge Kulturbudget deemools.

M. Lucien Weiler (CSV). - Dann hat den Här Garcia e schlechten Dag deemools.

Une voix. - Awer haut nach méi e schlechten.

M. Alexandre Krieps (DP). - Beim zweete Vote, muss ech zwar soen, hunn déi Gréng an den Här Garcia fir dat Gesetz gestëmmt, an dat am Abrëll 1996. Souguer den distinguéierte philosophesche Philolog Robert Garcia huet sech deemools net méi gescheit, fir déi philharmonesch Philanthropie vum Stat ze ënnerstëtzen. Dat gëtt e bëssen ze vill där Philo, fannt Dir net och?

Mä ech mengen, no dem zweete Vote vum deemolege Projet stoung eppes fest, dat war dat wat all Parteie wollten, dass deem Orchester iwwerliewe sollt an enger éischter Phas. An déi philharmonesch Philanthropie vum Stat sollt och ergänzt ginn duerch privat Sponsoren. Déi Rechnung an déi Hoffnung sinn awer aus ganz ville Grënn net opgaangen. An den Här Fayot huet et scho gesot, mir erënneren un déi Sortie vum Statsminister am Hierscht. Ech gleewen nawell, dass seng Wieder méi wäit gaange sinn, aus senger Enttäuschung eraus, wéi seng Gedanken. Also wier et normal gewiescht...

**(Interruption)**



Wat mengt Der? Neen, dem Här Statsminister seng Wierder, wou en haaptsächlech géint d'Banke gezunn ass, awer net géint seng favorite Entreprise, d'SES. En ass jo haaptsächlech géint d'Banke gaangen. Do huet e senger Enttäuschung Loft gemaach.

**(Interruption)**

Ech weisen awer drop hin, dass am schréffleche Kommissiounsbericht vun där Kommissioun am Februar och just d'SES als Bénéfacteur do zitéiert gétt an net d'Banque Générale, déi och vill Mérite un deem Orchester bruecht huet. Ech hunn d'Lëscht vun de Sponsoren op den Dag vum 2. Abrëll, dat ass gëschter, a menger Mapp do, an den Annexen. Ech si gutt informéiert, Här Weiler, wéi esou oft. Mä et wier also normal gewiescht an deem Gesetz, an dat ass fir ons normal, dass eben d'Participatioun vum Stat déplafonéiert gétt. Et geet jo doréms.

D'demokratesch Fraktioun huet och an der Kulturkommissioun do fir plädéiert fir d'Fondatioun virubestoen ze looszen. Mir begreifen, dass d'Madame Ministerin Hennicot déi Notion vum Crédit non-limatif fale gelooss huet, wat de Statsrot souwisou net akzeptéiert hätt.

D'Opstelle vun engem rigurösen, prévisionellen, jährleche Budget an eng rigurös Finanzkontroll wäerten d'Gestioun vun deem Orchester iwwer all Kritik ewechsetzen. A mat 92 Museker, a geschwenn 98, kritt deen Ensemble och e gewëssene Volume. Opfalenderweis ass d'Qualitéit vun deem Ensemble an de leschte Jore mierkbar an d'Luucht gaangen.

E puer Wuert muss een och zu de Museker soen. D'Kommissioun war ganz erstaunt wéi d'Madame Ministerin Hennicot gesot huet, dass awer während bal zéng Joer deenen hir Konditiounen net verbessert gi waren, an ech erënneren dorunner och am Kontext vun anere Berufsgruppen, déi vill éischter do sougenannt mobiliséiert hätten.

Gesot gétt och, dass an deem Orchester nëmmen 10% Lëtzeburger sinn. Dir wësst jo säit gëschter moien, dass um allgemengen Aarbechtsmaart nëmme 35% Lëtzeburger sinn, a vun deene 65.000 leschten Aarbechtsplaze säit 1995 nëmme 7,9% Lëtzeburger sinn. A wann nach e puer Joer ëmginn, sinn am Orchester prozentual méi Lëtzeburger wéi um allgemengen Aarbechtsmaart.

Souguer dat Argument vun der Léift vum Lëtzeburger fir eng Gemengen- oder Statsplaz, entweder am Conservatoire oder an enger Schoul, géllt hei net. Hei gesäit een also net déi traditionell Wiel tëschent Fräiheet a Sécherheet.

D'Demokratesch Partei bleift fir eng talent- a leeschungsgebonden Aarbechtsplaz, och an der Musek. Mir plädéieren, wann Nout un der Fra oder um Mann wier an deem Orchester, fir och Net-EU-Bierger den Zougank ze looszen zu deem Orchester, wat natierlech d'Permis de travail regele mussen, genau wéi an der Recherche, Här Fayot. Mir hate jo schonn Osteuropäer virun 30 Joer an deem Orchester. Ech erënneren un no dem August 1968 an der Tchechoslowakei.

D'demokratesch Fraktioun wier natierlech frou wa mir dee leschte Finanzbericht iwwert den Orchester, deen de leschte Freideg am Conseil approuvéiert gi war, zougestallt kriterien. Ech krut dee gëschter owend néierens um „Etat.lu“ erausgezunn. Dës rigurös Gestioun virausgesat, ass d'demokratesch Fraktioun, ënnert dem Virsätz vum Jean-Paul Rippinger, mat sech eens, deem Projet de loi hir Zoustëmmung ze bréngen.

Ech soen lech merci.

**(Hilarité)**

■ M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Grei-

sen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

■ M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt m'äi Merci un all déi Leit, déi un deem Projet matgeschafft hunn. Zum Projet selwer, dee schonn hei virgestallt ginn ass, just dat hei.

Am Artikel 1 geet et ëm d'Ännerung vum Gesetz vum 19 Abrëll 1996, wat et deemools der Regierung erlaabt huet de fréieren RTL-Orchester ze iwwerhuelen andeem se als Grënnungsmember un der Stëftung Henri Pensis matmécht an all Joer eng finanziell Hëllef fir dës Stëftung gétt.

An deenen zwee aneren Artikelen gi just Korrektur vu Gesetz oder Direktiv iwwerholl, also Feeler verbessert, op déi ech net nach weider wëll agoen.

Dir Dammen an Dir Hären, et geet also ëm d'Finanze vum OPL, dem philharmoneschen Orchester hei zu Lëtzebuerg. De staatleche Beitrag fir dësen Orchester gétt op 11 Milliounen Euro, also ronn 450 Milliounen Frang pro Joer festgeluecht. Op d'Ursaache vun der noutwendiger Erhéijung, dem Ausbleiwe vu Sponsoren zum Beispill, grad sou wéi op de Wäert vun esou engem Orchester fir Lëtzebuerg, fir säin Image am Ausland a säi kulturell Liewen, ...

**(Interruption)**

...brauch ech hei och näischt méi weider bäizeflecken. Dozou steet genuch am Rapport vun der Kulturkommissioun an dozou sinn och hei scho genuch Wieder gefall.

E puer Froen awer wëll ech hei opwerfen. Dir Dammen an Dir Hären, ass dat alles eis esou vill Sue wäert? Kënne mir eis e Statsorchester leeschten? An hu mir eis mat Prestigeprojeten am Beräich Kultur net iwwerholl? Fir et daitlech ze soen, den ADR ass selbstverständlech och der Meenung an trëtt dofir an, dass de Stat an d'Kultur investéiere muss. Den ADR huet 1996 dofir och dësse Projet matgestëmmt gehat, am Contraire zu anere Parteien, d'DP an déi Gréng zum Beispill.

Ech wëll awer drun erënneren, dass d'Land sech deemools an enger excellenter wirtschaftlecher Situatioun befonnt huet an dass déi optimistesche Previsiounen vun der Regierung e groussen Undeel vu private Sponsoren versprach hunn. Den ADR huet deemools scho virun deem onbegrennten Optimismus gewarnt. Ech war dobäi net deen Eenzege, deen hei op der Tribün 1996 daitlech gemaach huet, dass villes bei deem Projet vun der Regierung iwwert de Knéi gebrach war. D'Regierung huet eis deemools net d'Wouréilt gesot a si huet och deemools net all Käschten op den Dësch geluecht, an haut och nach net. Mir mussen erëm drop hiweisen, dass nach net alles op der Rechnung steet. Ech brauch zum Beispill nëmmen un de Bau vun der Konzertsal um Kierchbiereg ze verweisen, wou dësen Orchester ënnerbruecht gétt. Ofgesinn, dass elo schonn de Präis vum Bau a vun den Equipementen all Grenze sprengt, ass weder den Ennerhalt vum Betrieb fir den OPL nach aner Konsumkäschten dobäi. Ech kann do nëmmen u meng Aussoe vum Joer 2000 erënneren, wéi den ADR seng Bedenken zu deem Bau scho genannt huet. An dorop wäerte mer sécher nach eng Kéier zrëckkomme mussen.

Et besteet och net déi geréngste Garantie, dass déi allze vill optimistesche Zuele vu Concerten an Nolauschterer iwwerhaupt zesumme komme kënnen. Mir fäerten, dat Ganzt hei ass ee Faass ouni Buedem.

Dir Dammen an Dir Hären, 1996 hunn ech hei an der Chamber drop higewisen, dass den ADR léiwer gesinn hätt wann dem Orchester seng Roll méi daitlech preziséiert gi wär, besonnesch seng Aufgab,

d'Jugend a jonk Musikanten aus dem Land erun ze zéien an hinnen déi néideg Erfahrung praktesch an engem Orchester ze bidden. D'Realitéit weist eis, dass d'Regierung dorunner net interesséiert ass, mä éischter op elitär, klassesch Opféierunge mat internationalen Artisten hält.

Den ADR ass och der Meenung, dass ee gewëssenen Undeel vum Budget, iwwert deen ee ka streiden, soll a muss an d'Kultur investéiert ginn. Wann et gutt geet, ka vill investéiert ginn. Wann net, dann ebe weiniger. Mä virun allem muss et richtig geschéien, dat heescht an d'kulturell d'Liewen, net an eidel Hüllen oder protzeg Bauten. Mir hu grouss Bedenken, dass de Stat sech iwwerholl huet mat Musée Pei, Coque, philharmoneschem Bau, Kierchbiereg, Rockhal an esou weider. Also musse Prioritéiten gesat ginn, an dat besonnesch an Zäite wou de Stat aner Investitiounen bremst a schleefen deet a wou de Stat d'Gemengen zwéngt datselwecht ze maachen, fir dass net herno aner wichteg Investitiounen mussen zrëckgesat ginn.

Et géif eis Leed doen, wann d'Bestoe vun deem wonnerbaren Orchester duerch déi oniwierluechten a falsch Ausgabepolitik vun der Regierung géif a Gefor kommen. Den ADR ass awer der Meenung, dass den heitegen OPL eng staatlech Ennerstëtzung verdénkt a verlaangt dofir, dass d'Regierung all Efforten ënnerhëlt déi méiglech sinn, d'Käschten ze drosselen a weider Recetten opzedreien. E gudde Rendement muss net onbedéngt an de Finanze leien. Méi wichteg ass de Rendement am kulturellen an edukative Gebitt.

Den ADR wäert sech aus deene genannte Grënn bei der Ofstëmmung enthalten.

Ech soen lech merci.

■ M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

■ M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Géigesaz zu engem vu menge Virriedner brauch ech hei keng kabarettistesch Nummer virzeleeë fir kënnen eng 180°-Wendung anzeleeën. Ech brauch och keng falsch Zitater aus dem Zesummenhang ze rappe fir dëselwecht Meenung ze vertrie- de wéi viru siwe Joer.

Här President, virun e puer Wochen hu mer hei de Projet vun der Rockhal gestëmmt an huet d'Ministerin hirem Virgänger an deem Dossier virgeworf, dass deemools eng ganz grouss Ennerschätzung vun den Dépense vum den Infrastruktur vun der Rockhal getätégt wär ginn. Wat muss een natierlech dann haut soen, well ech erënnere mech, dass den initiale Budget fir de Fonctionnement vum philharmoneschen Orchester op 225 Milliounen Lëtzeburger Frang plus eng Rallonge vu 75 Milliounen, déi u sech awer nëmme provisoersch sollt sinn, ugeluecht war ginn, an haut si mer bei 11 Milliounen Euro, wat eigentlech eng Steigerung vu bal 100%, méi exakt 96% par rapport zum initiale Budget bedeit. Wat muss een dee Moment da soen, wann een hei e Faass ouni Buedem wittert, dat ëmsou méi wou et awer esou ass, dass déi Salaren, déi an deem philharmoneschen Orchester bezuelt ginn, dach net esou bombastesch sinn, an een net kéint ofwaarde bis dass et erëm eng Kéier besser geet, mä dass een do kann esouguer nach eng Rallonge erwaarden?

Mir sinn am Dossier vun dem philharmoneschen Orchester eiser Meenung nach ëmmer trei bliwen. Mir hunn deen Orchester vu

virera considéiert als e multikulturelle Statsorchester, dee ganz representativ ass fir d'Lëtzeburger Aarbechtsmaartpolitik. Do hat den Här Krieps schonn e bësse Recht. Mir hu genuch Suen, „retombées financières“, fir eis kënnen an alle Beräicher grouss Spezialisten aus dem Ausland ze leeschten, an dann ass et natierlech och net verwonnerlech, dass mer wëllen e Lëtzeburger Prestigeorchester opbaue mat haaptsächlech Know-how aus dem Ausland.

Ech hunn och näischt dergéint, wann nëmme sechs oder siwe Lëtzeburger Museker oder Musekerinnen an deem Orchester sinn, well mir wëlle jo hei eisem multikulturellen Terrain gerecht ginn. Mir haten awer deemools plädéiert fir éischter an d'Richtung ze goen, fir ze versichen e regionalen oder interregionalen Orchester opzebaue mat Museker aus der Groussregioun, fir dass dee Rayonnement och representativ wär fir déi Aarbecht, déi um Terrain vun der Musek an der Region vir sech geet.

Well mir och dofir sinn éischter an d'Mënschen ze investéiere wéi an de Beton, ass et natierlech fir eis elo e bësse schwierig fir géint d'Erhéijung vun deem Budget ze stëmmen, wou mer jo wëssen, dass awer en Deel vun där an d'Aarbechtskonditiounen vun deene betraffene Leit geet. Dofir wäerte mir eis dann ouni Heulen awer mat Zähneknirschen bei deem Projet enthalten.

Loosst mech awer trotzdem erkläre firwat dass mir „états d'âme“ hunn, wa mir gesi wéi de Kulturbudget ëmmer méi an d'Richtung vun enger Verstaatlechung vun der Kultur geet. Mir erënneren drun - et ass och virdru gesot ginn -, dass d'Ministerin beim hirem Amtsantrëtt widderhuel drop insistéiert huet, a si huet eis Ennerstëtzung och do fonnt, si wëilt net an d'Richtung goe fir d'Kultur hei zu Lëtzebuerg ze verstaatlechen, mä fir haaptsächlech de privaten an associativen Incentive ze förderen.

Wann ech elo de Budget ordinaire vun der Kultur vun deem Joer 2003 kucken, da si mer op 61,8 Milliounen Euro. Dovunner sinn déi traditionell Instituts culturels, also déi staatlech Kulturinstituter mat 26,6 Milliounen dotéiert. Dat si 40% vun deem Budget ordinaire. Wann ech elo all déi nei Kulturinstituter, déi meeschtens ënnert der Form vun engem Etablissement public mä awer och, wéi an deem Fall, vun enger Fondation fonctionnéieren, dobäi rechnen, da sinn ech op engem Montant vu 45,5 Milliounen Euro. Dat mécht scho 75% vun dem Kulturbudget aus. Wann ech da kucken de Poste vun de Konventionne mat den Associations socio-culturelles plus d'Konventionne mat aneren Instituter, da sinn ech op engem Montant vun 23,7 Milliounen Euro.

Wann ech elo déi Iwwerschneidungen ewech rechnen, well jo och de Moment potenziell Kulturinstituter provisoresch nach iwwer Konventionne lafen, déi spéider an en normale Statsbudget lafen, da bleiwe mer fir dee konventionéierte Secteur nach 5,4 Milliounen Euro. Dat mécht 8,7% vum ordinaire Budget aus. Wann ech dovunner ofrechne quasi parastaatlech Institutiounen wéi de Casino Forum d'Arts contemporains oder den Théâtre national, da bleiwen nach 3,3 Milliounen Euro vu konventionéierten Initiativen. Wann ech vun deenen erëm eng Kéier ofzéien déi, déi kommunaler, interregionaler oder regionaler Natur sinn, wéi zum Beispill de Kulturhuef Gréiwemaacher, de Centre d'Arts pluriels zu Ettelbréck, d'ALAC, den Institut vun den Itinéraires interculturels, d'Sentiers culturels vum Conseil de l'Europe, da bleiwen nach 2,5 Milliounen Euro am Statsbudget vu konventionéierte sozio-kulturellen Associatiounen. Dat mécht ganz genau 4,04% vum Budget ordinaire aus.

Wann ech elo do ofrechnen erëm eng Kéier déi, déi eng reng Distri-

butiouns- oder Diffusiounsfonction hunn, an ech loosse just déi, déi haaptsächlech hir Aktivitéits-schwieerpunkten op de sozio-kulturelle Volet leeën, da bleiwen nach ganz genau 0,168 Milliounen Euro. Dat mécht 0,27% vum Kulturbudget. Also 0,27% vum Kulturbudget ginn u privat sozio-kulturell Associatiounen, déi hiert Schwieerge-wiicht op de „sozio“ geluecht hunn. Et ass also net verwonnerlech, dass ganz vill Associatiounen, déi an deem sozio-kulturelle Beräich aktiv sinn, déi awer ganz vill kulturell Aktivitéite maachen, versichen an anere Ministären Kompensatiounen oder Ennerstëtzung ze kréien. Zum Beispill den Info-Video-Center, deen eng eege Galerie mécht, ganz vill kulturell Aktivitéite mécht, dee gétt iwwert de Familljeministère konventionéiert. De Cid-femmes, dee ganz vill kulturell Manifestatiounen mécht an och zum Beispill am Beräich vun der klassischer Musek wesentlech dozou bäigedroen huet, fir verscholle Lëtzeburger an auslännesch Komponistinnen erëm salon-fäeg ze maachen, dee gétt zum allgeréissten Deel iwwert de Ministère de la Promotion féminine konventionéiert an nëmme mat 2.500 Euro vum Kulturministère.

Aner Initiativen, déi reng kulturell schaffen, wéi zum Beispill d'A.s.b.l. ChanSong, de Folk-Clupp oder nach aner Initiativen, déi ginn da bei d'Déppe vum Fonds culturel a si versichen do regelméisseg Einkünften ze kréien. Dat ass natierlech eng Situatioun, déi ech elo net wëll plakativ kritiséieren, well mir hu schonn oft hei versicht een Débat ze lancéieren, wéi mer sollen eens gi mat deem Fait, dass mer engersäits e Fonds culturel hunn, deen haaptsächlech dotéiert gétt vum Stat, deen en Deel vun deene kulturellen Aktivitéite couvriert, an anersäits e Statsbudget, deen ëmmer méi grouss gétt an deen eigentlech just am Endeffekt dofir do ass, fir haaptsächlech grouss staatlech oder parastaatlech Institutiounen ze finanzéieren.

D'Ministerin huet och schonn e puermol hir Bereetschaft erklärt fir de Fonds culturel ze reforméieren, fir dass mer do an eng aner Situatioun kéimen, ënner anerem och fir méi Transparenz eran ze kréien.

En attendant hunn ech scho beim Budget 2001 eng Kéier ausgerechent wéi et, ech hat deemools 2005 uginn, mä vu dass déi meescht Institutiounen ëmmer erëm verzögert ginn duerch baulech an aner Verzögerungen, géif ech also soen am Joer 2007 kéint sinn. Mer kënnen eng Augmentatioun vu schätzungsweis - hat ech deemools gesot - 38 Milliounen Euro Frais de fonctionnement bei deenen neie sozio-kulturellen Institutiounen envisagéieren. Dat kann an der Zwëschenzäit schonn iwwer 40 Milliounen goen. Ech hat deemools ausgerechent, dass bei dem aktuelle Stand vun 2002 ongeféier ronn 89% vum ordinaire Statsbudget entweder a staatlech oder kommunal Institutiounen gaange sinn. A mat deem zousätzlechen Apport vun deenen neie Kulturinstitutiounen kéint dee Beitrag am Joer 2005 oder 2007 op 93,6 bis 95% eropgoen, an et soll kee mir méi soen, mir hätte keng Verstaatlechung vun der Kultur.

Ech wëll dat och net kritiséieren, well ech fannen de Stat, dee soll seng Responsabilitéiten iwwerhuelen, besonnesch wann ee wéi bei deem Orchester hei gesäit, dass de Privatsektor sech gréisstendeels deene Verpflichtungen entzitt an esouguer éischter an eege Galerien oder an Eegeninitiativen investéiert wéi an déi Initiative vum Stat.

Ech wëll awer trotzdem nach eng Kéier soen, dass mir déi Evolutioun als awer relativ bedenklech ugesinn an hoffen, dass an deenen nächste Joren do e puer Kurskorrektur kommen, sief et iwwer eng Reform vum Fonds culturel, sief et iwwer eng méi, wéi soll ech soen, thematesch Ventilatioun vun de



Subsiden a vun de Konventiounen zugonschte vu sozio-kulturellen Associatiounen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo d'Madame Minister Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn natierlech frou, well aus deem wat aus der Debatt erausgeet, schéngt et jo wéi wann awer eng grouss Majoritéit vun der Chamber dës Augmentatioun fir de Budget vum OPL géif stëmmen. Ech soen der Madame Stein merci fir d'Aart a Weis wéi si an der Kommissioun dës Aarbechte virbereet huet an och dofir gesuergt huet, datt mer elo virun der Elaboratioun vun dem Budget 2004 eng kloer Situatioun hunn an och wësse wou mer dru sinn.

Ech wëll op verschidde Kriticken dann zrëckkommen. Déi Zousätz, déi lertëmmer, déi hei an engem Gesetz korrigéiert ginn un anere Gesetzter, Här Fayot, dat ass eng Saach déi natierlech mat eiser Procédure législative ze dinne huet. An ech wëll dat vläicht och e bëssen aus menger Erfahrung als fréier Chamberpresidentin soen, wou mer munchmol de Frust haten, datt een net ëmmer sécher war, wann den Text zu Enn élaboréiert war, datt och alles dra war an alles gestëmmt huet, an datt mer et bis elo och nach net esou richtig hikkritt hu fir eng Instanz ze schafen, déi dann déi lescht Sécherheet géif ginn. Ech weess och net, wou se misst geschaaft ginn. Mä op jiddede Fall huet de Législateur, mat Recht natierlech, net gär wann u sengen Texter Saache falsch sinn, déi herno iwwer Gesetzestexter nees musse korrigéiert ginn. Ech verstinn duerchaus déi Kritik. Mir hate keen anere Wee fir dat do richtich ze bëie wéi deen heiten. Ech soen dofir och merci, datt dat konnt mat ënnerbruecht ginn.

Zum RTL- fréieren an heitegen OPL-Orchester. Fir d'alleréischdt déi prinzipiell Diskussioun Etablissement public oder Fondatioun. Ech sinn nach ëmmer der Meinung, datt d'Formule vun der Fondatioun déi besser ass, wann ee wëllt e Sponsoring kréien a wann een net wëllt vu vireen an Aussicht stellen, datt de Stat hei alles dréit. Ech mengen, dofir ass de Virwurf, mir hätten hei net alles gesot, mir géifen hei Verstoppches spillen, et géif een net wëssen, wat nach op eis duerkeim, deen ass an där doter Relatioun ze gesinn. Ech mengen, wa gewosst ass, de Stat deen iwwerhëlt dat dote souwisou, da kritt ee jo selbstverständlech ëmmer manner Privatsponsore beweegt fir dorunner deelzehuelen, an dofir muss e gewëssenen Drock bleiwen, et muss eng gewëss Insécurité sinn. Passt op, wann eng Kéier d'Zäite méi schlecht ginn, da kann de Statsbudget net ad eternum ausgeweit ginn, an ech géif mech dofir ausdrécklech asetzen, datt et net esou soll sinn, datt hei automatesch de Statsbudget alles iwwerhëlt wat u Käschten ufällt.

An deem Sënn huet jo och d'Direktioun vum OPL an de vergaangene Joren immens Effortë gemaach. A wann ech lech d'Sponsoren opziele, déi mëttlerweil beim OPL derbäi sinn - dat wier vläicht aus dem Bericht vum Joer 2002 ervirgaang, deen der Chamber dann och selbstverständlech ausgedeelt gëtt -, do hunn d'SES, d'Banque Générale, d'Post, d'CEGEDEL, d'Banque de Luxembourg, Paul Würth, Arcelor, CARGOLUX, ISP, PricewaterhouseCoopers an d'HSPC-Bank gesponsort. Dat heescht et si Privatsponsoren, déi hei mat ugetratt sinn. Et sinn der vill méi wéi et der virdru waren. Et ass eng Augmentatioun vu 14% am Budget vun 2002 u Gelder, déi duerch private Sponsoring konnten erwirtschaft ginn. D'Stad Lëtzebuerg ass och zu de Sponsoren ze

rechnen. Dankbarerweis kënne mer eis drop verloossen, datt all Kéiers déi Zouwendunge kommen, déi si als Membre fondateur bäisteieren.

An deem Sënn ass et schonn net esou, datt och den Opruff vum Statsminister ouni Echo bliwwer. Et muss en awer dann natierlech dozou soen, datt déi Aart a Weis, wéi den OPL haut mat senge Gelder haushalt, den absolute Luef verdingt. Dat geet jo och aus den Debattebeiträg ervir. Ech soen dem Här Kriepsen merci, datt hien dorop higewisen huet, datt wierklech d'Musiker net mat Saucisse ugestréckt sinn, wann een dat esou e bësse populär ka soen, well wann een déi gréisst Kategorie vun de Musiker kuckt - dat ass d'Kategorie 3 vun de Gehälter -, da gesäit een datt d'Gehälter an der Gréisenuerdung leie vun deem wat d'Endgehalt vun engem Huissier beim Stat ass, an do muss ee soen, datt ass net iwwerdriwwen. Dat si keng Supergehälter. Déi Musiker sinn net esou bezuelt, datt ee kënnt soen, do gëtt iwwert d'Sträng geschloen an do gëtt iwwerdriwwen. Et ass natierlech och remarquabel, datt deen Orchester nimools Problemer gemaach huet, datt et nimools zu Aktiounen komm ass, déi de Betrib perturbéiert hätten, au contraire, et war ëmmer eng grouss Bereitschaft, e groussen Idealismus do fir do ze sinn, wann et geheescht huet fir eben deen Ambassadeur culturel ze si fir eist Lëtzeburger Land, dee mer brauchen.

A wann ech do kucken, wéi mer eis munchmol ploer fir eisen Image de marque no baussen ze verbesseren, a wéi mer Broschüren drécken, déi heiansdo a ville Kellere stockéiert sinn an net ausgedeelt ginn, a wéi mer künstlech wëllen eis en aneren Image ginn, wéi ëmmer nëmmen dee vun der Bankeplaz mat deem mer meeschtens an negativ Schlagzeile gerdend, dann ass den OPL en excellent Beispill.

Elong duerch d'Iwwerdroung an duerch d'Zesummenaarbecht mat der UER, Unioun européenne de radiodiffusion, an och domat dem sozio-kulturelle Radio hei zu Lëtzebuerg, kënne Concerten a vill Länner iwwerdroe ginn. Zum Beispill ass de Concert vum 24., 25. November a 14 Länner iwwerdroe ginn. Wa mer eis dann emol e Bild maache wéi vill Milliounen Auditeure mer domat errechen, wéi vill mol do de Numm Lëtzebuerg fällt am Zesummenhang mat excellenten Musik, dann, mengen ech, hu mer hei Ausgaben déi, an deem Kontext gekuckt, sech duerchaus justifiéiere loosse.

Ech wëll zum Schluss awer nach e puer Wuert zu deene Virwërf soen an zu deenen Awänn, déi hei mengen, mir hätten eis iwwerschat oder mir hätten eis op e Wee begaang, wou mer op eemol mat de Finanzen an der Kultur net méi duerkommen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn all Kéiers esou betrafft, wann ech gesi wéi bei der Kultur hei d'Hoer gespléckt ginn, woubäi an anere Beräicher déi dote Froen net gestallt gi sinn. Zum Beispill hu mer de Fënnfjoresplang am Sport ouni Weideres gestëmmt. Den aachten ass et. Et si ganz gewëss gutt Investitiounen, an och do gëtt et Folgekäschten, an do ass kee Mënsch dee sech d'Fro stellt, ass dat do net ze vill, hu mer eis do net iwwerschat. Et ass och kee Mënsch deen d'Fro opwerft, wéi et ass mat dem Finanzement vun deenen Institutionen, déi eis jo sollen op anere Gebidder vertrieeden, déi net ëmmer eis qualitativ esou gutt Leeschtunge bréngen - dovun net geschwat -, mä déi awer och eppes kaschten. Nu gëtt nun eemol Verschiddenes finanzéiert iwwer Lotto. Dat ass eng Kéier decidéiert ginn. Ech géif mer wënschen, datt een och esou eng Formule fir d'Kultur géif gesinn als Zousatzfinanzement. Ech géif awer hei och wëlle virun enger Panikmaache warnen.

Mir hunn emol éischtens an dëser Phas zënter 1995 en Nohuelbedarf. Jiddferree ka sech nach erënnere wéi mer 1995 d'Kulturjoer hatten, wat fir een Aarmutt datt dat war, datt mer keng Infrastrukturen haten, an datt mer eis do hu misse mat Zelter aushëllef fir einermoose kënne kulturell Aktivitéiten hei oflafen ze loosse.

Wa mer eis vergläiche mat Stied wéi Metz, Tréier, Saarbrécken, musse mer dach soen: Si mer e Land oder si mer kee Land? An da brauche mer e Concertssall. Mir brauche ganz einfach Infrastrukturen, déi och engem Land würdeg sinn. Wann ech dat a Relatioun setze mat der Evolutioun vun dem ordinaire Budget vun den Ausgabe vun der Kultur, da gi mer zur Zäit 1,19% insgesamt vun eise Statsbudget fir Kultur aus. Ech géif soen, wann do och nach e puer Punkten hannert dem Komma derbäi géife komme fir all déi grouss Equipementer, déi elo op eis duerkommen an déi mat der Finanzinspektioun, mam Budgetminister all Kéiers an hirer Evolutioun duerchgeschwat sinn a sech selbstverständlech mussen no der Budgetnorm ausrichten, da si mer an enger Situatioun déi duerchaus ze vertrieeden ass, déi eist Land op den Niveau vun aneren Nopeschlänner emol setzt, ouni datt mer déi iwwerschreiden.

Dat gesot, ass natierlech déi Relatioun fir ze soen, Dir investéiert an déi staatlech Kultur an Dir loosst déi sozio-kulturell Associatiounen op der Säit, eng falsch Rechnung, well alles wat hei gemaach gëtt, esouwuel de Concertssall wéi d'Rockhal wéi de Centre culturel Neimünster, vun deenen Infrastrukturen profitéieren dach leschten Enns och all déi doten Organisateuren, déi iwwert de Wee vun der Bereetstellung vun Infrastrukturen oder vu logistescher Hëllef, déi do hir Aktivitéite kënne maachen. Et ass also net nëmmen dat wat a Form vu Subsiden erausgeet, et ass och eng Aide en nature, déi een hei a Rechnung muss stellen.

Ech sinn dofir der Meinung, datt mer wuel eis sollen iwwerleee wéi mer kënnen eng Reform vun Fonds culturel ustriewen, fir och do déi ekonomesch Notiounen emol dran ze kréien. Net all Kultur ass defizitär. Do gëtt et Organisatiounen mat deene Geld verdéngt ka ginn. Wann do iergend ee Veräin e gudde Concert mécht, wou e ganz vill Spectateuren huet, da kann en duerchaus seng Rentréeeën eraspillen. Da loosst mer eis dat emol aus de Käpp eraushuele loosse, datt et do ëmmer nëmmen drëm geet fir de Grapp opzehalen, datt d'Kultur am Fong geholl e Faass ouni Buedem ass, wéi hei gesot ginn ass. Dat ass net méi richtig.

Esou wéi haut de Kulturbetrib funktionéiert, ass dat en Investissement an Aarbechtsplazen. All Suen, déi hei ausgi ginn, do sinn der ganz vill déi gläichbedeitend si mat Aarbechtsplazen, an deen Zousaz, deen haut gestëmmt gëtt hei vun der Chamber, dat ass fir e Betrib vun 100 Aarbechtsplazen ofzesécheren.

An deem Sënn sinn dat och Leit déi Steiere bezuelen, déi erëm eng Kéier Recettë fir de Stat bréngen, déi hei Sue verzieren, déi hei en ekonomeschen Apport bréngen, an dofir loosse mer eis dach lassmaachen, well wa Vertrieeder vun der Kulturkommissioun vun der Chamber mat dem Gedanke ronderëm ginn, datt d'Kultur e Faass ouni Buedem ass an ëmmer nimm muss de Grapp ophalen, dann hält se jo der Kultur dat wat hiert eegent ass, hir Dignitéit. Et geet hei drëm fir Kultur ze maachen an enger Atmosphär vu Würde, fir déi Aktivitéiten op deeselechten Niveau ze setzen. Si stinn a menger Appréciatioun iwwert dem Niveau

vun aneren Aktivitéiten, well se eben dat Geeschtegt usprieche am Mënsch, an ech mengen, Dir Dammen an Dir Hären, méi wéi jee hu mer dat haut néideg.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mer kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de virleien de Projet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 45 Jo-Stëmmen an 12 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf (par M. Ady Jung), Norbert Hauptert (par M. Fred Sunnen), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Nelly Stein), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Gusty Graas), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Georges Wohlfart), MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Lucien Lux), Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer (par M. Jean Asselborn) et Georges Wohlfart;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. Camille Gira).*

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).-** Här President, kënnt Der net eng Kéier no deene Maschinen do kucken?

**M. Jean Asselborn (LSAP).-** D'Procuratioun geet einfach net!

**M. le Président.-** Wat geet dann net? Mat Ausnahm vun aacht Stéck, déi net besat sinn, funktionéiert et dach.

**M. Jean Asselborn (LSAP).-** Jo wéi dann? Mir konnte keen drécken. D'Procuratioun ass net gaangen. Mir konnten net fir ee stëmmen.

**M. le Président.-** Ass bei lech och d'Procuratioun net gaangen?

**Des voix.-** Dach.

**M. le Président.-** Dir musst op déi richteg Knäppercher drécken.

Gëtt d'Chamber d'Dispens zum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4949 iwwert d'Festung vun der Stad Lëtzebuerg.

Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Schroell, Greisen a Garcia.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Claude Wiseler.

## 2. 4949 - Projet de loi relative à la restauration et à la mise en valeur de certaines parties de la forteresse de Luxembourg

**Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture**

**M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet am Projet 4949 ëm d'Extensioun vum Itinéraire culturel Vauban, ëm den Aménagement vun dem Musée de la Forteresse an dem Neipbau vum Fort Obergrünwald an zousätzlech Aarbechte ronderëm d'Forteresse an hei och en Zousatzbudget, fir déi Aarbechten ze maachen.

Et sinn a sech Aarbechten, wou méi wéi eng Kéier, wéi dru geschafft ginn ass, d'Fro gestallt ginn ass: Mussen déi Aarbechten elo sinn? Solle mer dat maachen? An eng Fro op déi ee sech muss, wann een esou de Gesetzestext stëmmt, och eng Äntwert ginn, a fir déi Äntwert muss ee sech nach eng Rei aner Froen stellen. Firwat maache mer dat hei? Firwat maache mer déi Aarbechten? An am allgemengen: Wéi gi mer un esou historesch archeologesch Aarbechten erun a mat wat fir enge Kritäre gi mer dorun?

Ech wëll do eng Rei Froestellungen, déi och an der Kommissioun opkomm sinn, vläicht probéieren hei ze resüméieren. Déi éischt Froestellung an deem Kontext ass déi vum Émgank, deen ee selwer mat senger eegener Geschicht huet. Ech si keen, dee mengt, datt all Haus hei zu Lëtzebuerg, dat méi wéi 50 Joer huet, erhaltenswürdig ass, eleng duerch de Prinzip datt et e gewëssenen Alter huet an datt ee kënnt soen, datt et sech domat an iergendeng Geschicht aschreift. Ech mengen awer, datt et wichteg ass, datt een dat wat een als Zeie vun enger preziser Geschicht erausschiele kann, da wann et e Symbol vun eppes ass, da wann et eng besonnesch Plaz an der Lëtzeburger Geschicht huet, da wann et en Deel vun eiser Identitéit huet, datt et da scho wesentlich ass, datt mer esou Zeie vun eiser Geschicht probéieren ze erhalen fir eis selwer, schonn an enger éischter Etapp, well si weisen eis vu wou mer kommen, si weisen eis zu engem Deel och wie mer sinn a ginn zumindest en Deel vun enger Explicatioun vun der Lëtzeburger Identitéit, zu der Lëtzeburger Geschicht an hëllef eis vläicht och domat ganz e weineg verstoe wou mer higen.

Déi zweet Froestellung, déi ee sech an deem Kontext muss stellen, dat ass déi: Wat bréngt et eis um ekonomeschen, wat bréngt et eis um touristeschen Niveau? Kann et eng Attraktioun sinn? Kann et an deem Effort, dee mer säit laange Jore maache fir eis Stad, fir eist Land ze weisen, zousätzlech eppes bréngen? Wat dréit et zum Bild vun eise Land, vun eiser Stad bäi? An esou Aarbechte mussen e Surplus sinn, mussen en zousätzlecht Bild vun eiser Geschicht sinn a mussen zu engem Deel weisen d'Wichtigkeet vun der Stad Lëtzebuerg an dem europäesche Kontext, an der europäescher Geschicht, a mussen eis hëllef eist Bild an Europa, an der Welt ze bekräfigen, mat där Identitéit déi mer hunn a mat där laangjähreger Geschicht déi eis ass.

Déi drëtt Froestellung an deem Kontext ass: Wat bréngt et fir de Quartier vun der Stad Lëtzebuerg, wou et sech aschreift? Well et huet jo ëmmer eng geographesch Im-